N° 8187
Entrée le 15.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8187 vum 27. Juli 2023 vun der éierewäerten Deputéierten Madamm Martine Hansen iwwert den "Impact des nouvelles lois en matière de déchets"**

**1. Ass d'Ministesch sech dëser Problematik bewosst? Steet Sie am permanenten Austausch mat den Handelsvertrieder bzw. mat de Supermarchéen direkt?**

Den Ursprong vun der gesetzlecher Dispositioun, déi mat 52 Stëmmen ugeholl gouf, ass an der Motioun 2951 vun 2019 ze fannen. An der Motioun déi beim "Débat d'orientation sur la stratégie "Zéro déchets" et la restriction des déchets en matière plastique au Luxembourg" ugeholl gouf, gouf gefuerdert: "formuler à cet effet [réduction déchets en matière plastique] des mesures ambitieuses et efficaces, y inclus, - le cas échéant, des mesures supplémentaires issues des résultats de l'étude de faisabilité juridique et d'opportunité d'une interdiction d'emballages ou d'autres produits plastiques au-delà de celles prévues par la directive relative aux plastiques à usage unique". Dës Motioun hat eng breet Zoustëmmung an der Chamber fonnt.

Fir déi Dispositioun ëmsetzbar ze maachen ass d'Approche gewielt ginn, fir déi lëtzebuergesch Dispositioun un de franséische Kader unzeleeën. Déi franséisch Autoritéiten hunn den 20. Juni 2023 nach emol hiren Dekret ugepasst, deemno konnt duerch déi verschidden Delaien an de legale Prozesser keng 100% Kohärenz garantéiert ginn. Déi franséisch Dispositioun ass den 1. Juli 2023 a Kraaft getruede mee gesäit elo schlussendlech nach eng Iwwergangsbestëmmung bis Enn 2023 vir.

Scho virum Akraafttriede vun där Mesure gouf et schonns Gespréicher mam lëtzebuergesche Liewensmëttelsecteur, souwuel mat de Branchevertrieder wéi och mat eenzele Betriber. Déi Gespréicher waren dacks ganz praxisbezunn, zum Beispill fir een techneschen Avis zu alternative Verpakungen. Ausserdeem gouf zesumme mat der Fédération Luxembourgeoise de l'Alimentation et de la Distribution (FLAD) eng Nott ausgeschafft, déi d'Ëmsetzung vun der Dispositioun soll begleeden. Déi Nott ass um Site www.nulloffall.lu ze fannen, op deem een och vill aner nëtzlech Informatiounen zum Thema Offall fënnt.

Den Austausch mam Secteur ass (net nëmmen) an deem heiten Dossier wichteg, notamment fir dass mer d'Entreprisen an de Consommateur bei der Transitioun zu enger méi nohalteger Consommatioun begleeden. D'ekologesch Transitioun, zu där och d'nohalteg Consommatioun gehéiert, ass eng Erausfuerderung fir eis Gesellschaft. Dofir ass et wichteg bei all hiren Aspekter, mateneen ze kucken, wéi een dat am beschten hikritt.

Déi gesetzlech Obligatioun stellt sécherlech eng Ëmstellung vun der Logistik bei dem engen oder aneren Acteur duer. Well déi Dispositioun awer schonns während dem legislative Prozess bekannt war, hu verschidden Acteuren och schonns fréizäiteg hier Logistik ugepasst an schonns zum Deel op plastikfräi Verpakungen ëmgestallt. Et gesäit een awer antëschent, dass verschidde Produkter, duerch déi verschidde Liwwerketten, méi schwéier kënnen ëmgestallt ginn. Hei goufen, am Echange mat de Vertrieder vun der Fédération Luxembourgeoise de l'Alimentation et de la Distribution (FLAD), aus enger Lëscht vu ronn 60 Produkter d'Endiven an d'Physalis identifizéiert. Mir wäerten och nach weiderhi mat de Betriber am Echange stoe fir léisungsorientéiert un der Ëmsetzung vum Gesetz ze schaffen.

**2. Wa jo, ass d'Regierung gewëllt eppes ze ënnerhuele fir eng Ëmverpakung vun de scho verpaakte Liewensmëttel ze evitéieren an esou zousätzlechen Offall ze spueren? Musse do Upassungen um bestoende Gesetzestext gemaach ginn? Wa jo, wéi eng?**

Wéi déi éierbar Deputéiert Madamm Martine Hansen et richteg bemierkt, kënnt vill Uebst a Geméis dat vun där Dispositioun betraff ass, aus dem Ausland an d'Verpakung ass net ëmmer un déi national Legislatioun ugepasst. D'Verpakungen, an deenen d'Uebst a Geméis a Lëtzebuerg ugeliwwert gëtt, sinn deementspriechend an enger éischter Etapp schwéier ze vermeiden a falen, wann se net erëm benotzt ginn, als Offall un. Dofir hunn déi hei betraffen Acteure selwer och Interessi drun, fir manner där Verpakungen ze kréien, well si fir déi konform Behandlung vum Verpakungsoffall opkomme mussen. D'Liwwerkette beschtméiglechst unzepassen ass deemno och an hirem Interessi.

Niewent de lafende Beméiunge mam Handel zu Lëtzebuerg, gëtt op EU-Niveau am Moment un engem neien EU-Reglement iwwer Verpakungen a Verpakungsoffäll geschafft. Hei gëtt eng vergläichbar Mesure ewéi déi national Moossnam diskutéiert. Dëst soll zu enger weiderer Harmoniséierung ënnert de Memberstaaten féieren. Aktuell ass an der EU-Propose virgesinn, dass keng Eeweeverpakung méi fir verschidde frësch Uebst a Geméiszorten däerf benotzt ginn.

**3. Gedenkt d'Regierung eng Etüd duerchzeféiere wéi vill Liewensmëttel nei verpaakt musse gi fir konform mat der Lëtzebuerger Gesetzgebung ze sinn a wéivill zousätzlechen Offall doduerch produzéiert gëtt?**

Ewéi schonn an der éischter Fro ugi si mer lafend am Kontakt mat der FLAD an dës Echangë wäerten och weider gefouert ginn. Et ass wichteg de Retour vum Terrain ze kréie fir Problemer déi bei der Ëmsetzung entstinn direkt kënnen ze erkennen a gemeinsam Léisunge kënnen auszeschaffen. Mir hunn der FLAD proposéiert, fir een éischte Bilan mat hire Memberen ze maachen. Op Grond heivu kënne verschidde Pisten analyséiert ginn, fir eventuell Problemer ze léisen. Heizou gehéieren ënnert anerem eng besser Informatioun a Berodung vum Client an de Betriber mee och, wann de Besoin kloer identifizéiert ass, d'Preparatioun vu punktuellen Upassunge vum gesetzleche Kader.

Zil soll et sinn, fir déi richteg Balance tëschent der Haltbarkeet vun de Produiten, de Liwwerketten an dem Verzicht op Plastikverpakungen hinn ze kréien.

Lëtzebuerg, den 15. August 2023
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung

N° 8187
Entrée le 15.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8187 vum 27. Juli 2023 vun der éierewäerten Deputéierten Madamm Martine Hansen iwwert den "Impact des nouvelles lois en matière de déchets"**

**1. Ass d'Ministesch sech dëser Problematik bewosst? Steet Sie am permanenten Austausch mat den Handelsvertrieder bzw. mat de Supermarchéen direkt?**

Den Ursprong vun der gesetzlecher Dispositioun, déi mat 52 Stëmmen ugeholl gouf, ass an der Motioun 2951 vun 2019 ze fannen. An der Motioun déi beim "Débat d'orientation sur la stratégie "Zéro déchets" et la restriction des déchets en matière plastique au Luxembourg" ugeholl gouf, gouf gefuerdert: "formuler à cet effet [réduction déchets en matière plastique] des mesures ambitieuses et efficaces, y inclus, - le cas échéant, des mesures supplémentaires issues des résultats de l'étude de faisabilité juridique et d'opportunité d'une interdiction d'emballages ou d'autres produits plastiques au-delà de celles prévues par la directive relative aux plastiques à usage unique". Dës Motioun hat eng breet Zoustëmmung an der Chamber fonnt.

Fir déi Dispositioun ëmsetzbar ze maachen ass d'Approche gewielt ginn, fir déi lëtzebuergesch Dispositioun un de franséische Kader unzeleeën. Déi franséisch Autoritéiten hunn den 20. Juni 2023 nach emol hiren Dekret ugepasst, deemno konnt duerch déi verschidden Delaien an de legale Prozesser keng 100% Kohärenz garantéiert ginn. Déi franséisch Dispositioun ass den 1. Juli 2023 a Kraaft getruede mee gesäit elo schlussendlech nach eng Iwwergangsbestëmmung bis Enn 2023 vir.

Scho virum Akraafttriede vun där Mesure gouf et schonns Gespréicher mam lëtzebuergesche Liewensmëttelsecteur, souwuel mat de Branchevertrieder wéi och mat eenzele Betriber. Déi Gespréicher waren dacks ganz praxisbezunn, zum Beispill fir een techneschen Avis zu alternative Verpakungen. Ausserdeem gouf zesumme mat der Fédération Luxembourgeoise de l'Alimentation et de la Distribution (FLAD) eng Nott ausgeschafft, déi d'Ëmsetzung vun der Dispositioun soll begleeden. Déi Nott ass um Site www.nulloffall.lu ze fannen, op deem een och vill aner nëtzlech Informatiounen zum Thema Offall fënnt.

Den Austausch mam Secteur ass (net nëmmen) an deem heiten Dossier wichteg, notamment fir dass mer d'Entreprisen an de Consommateur bei der Transitioun zu enger méi nohalteger Consommatioun begleeden. D'ekologesch Transitioun, zu där och d'nohalteg Consommatioun gehéiert, ass eng Erausfuerderung fir eis Gesellschaft. Dofir ass et wichteg bei all hiren Aspekter, mateneen ze kucken, wéi een dat am beschten hikritt.

Déi gesetzlech Obligatioun stellt sécherlech eng Ëmstellung vun der Logistik bei dem engen oder aneren Acteur duer. Well déi Dispositioun awer schonns während dem legislative Prozess bekannt war, hu verschidden Acteuren och schonns fréizäiteg hier Logistik ugepasst an schonns zum Deel op plastikfräi Verpakungen ëmgestallt. Et gesäit een awer antëschent, dass verschidde Produkter, duerch déi verschidde Liwwerketten, méi schwéier kënnen ëmgestallt ginn. Hei goufen, am Echange mat de Vertrieder vun der Fédération Luxembourgeoise de l'Alimentation et de la Distribution (FLAD), aus enger Lëscht vu ronn 60 Produkter d'Endiven an d'Physalis identifizéiert. Mir wäerten och nach weiderhi mat de Betriber am Echange stoe fir léisungsorientéiert un der Ëmsetzung vum Gesetz ze schaffen.

**2. Wa jo, ass d'Regierung gewëllt eppes ze ënnerhuele fir eng Ëmverpakung vun de scho verpaakte Liewensmëttel ze evitéieren an esou zousätzlechen Offall ze spueren? Musse do Upassungen um bestoende Gesetzestext gemaach ginn? Wa jo, wéi eng?**

Wéi déi éierbar Deputéiert Madamm Martine Hansen et richteg bemierkt, kënnt vill Uebst a Geméis dat vun där Dispositioun betraff ass, aus dem Ausland an d'Verpakung ass net ëmmer un déi national Legislatioun ugepasst. D'Verpakungen, an deenen d'Uebst a Geméis a Lëtzebuerg ugeliwwert gëtt, sinn deementspriechend an enger éischter Etapp schwéier ze vermeiden a falen, wann se net erëm benotzt ginn, als Offall un. Dofir hunn déi hei betraffen Acteure selwer och Interessi drun, fir manner där Verpakungen ze kréien, well si fir déi konform Behandlung vum Verpakungsoffall opkomme mussen. D'Liwwerkette beschtméiglechst unzepassen ass deemno och an hirem Interessi.

Niewent de lafende Beméiunge mam Handel zu Lëtzebuerg, gëtt op EU-Niveau am Moment un engem neien EU-Reglement iwwer Verpakungen a Verpakungsoffäll geschafft. Hei gëtt eng vergläichbar Mesure ewéi déi national Moossnam diskutéiert. Dëst soll zu enger weiderer Harmoniséierung ënnert de Memberstaaten féieren. Aktuell ass an der EU-Propose virgesinn, dass keng Eeweeverpakung méi fir verschidde frësch Uebst a Geméiszorten däerf benotzt ginn.

**3. Gedenkt d'Regierung eng Etüd duerchzeféiere wéi vill Liewensmëttel nei verpaakt musse gi fir konform mat der Lëtzebuerger Gesetzgebung ze sinn a wéivill zousätzlechen Offall doduerch produzéiert gëtt?**

Ewéi schonn an der éischter Fro ugi si mer lafend am Kontakt mat der FLAD an dës Echangë wäerten och weider gefouert ginn. Et ass wichteg de Retour vum Terrain ze kréie fir Problemer déi bei der Ëmsetzung entstinn direkt kënnen ze erkennen a gemeinsam Léisunge kënnen auszeschaffen. Mir hunn der FLAD proposéiert, fir een éischte Bilan mat hire Memberen ze maachen. Op Grond heivu kënne verschidde Pisten analyséiert ginn, fir eventuell Problemer ze léisen. Heizou gehéieren ënnert anerem eng besser Informatioun a Berodung vum Client an de Betriber mee och, wann de Besoin kloer identifizéiert ass, d'Preparatioun vu punktuellen Upassunge vum gesetzleche Kader.

Zil soll et sinn, fir déi richteg Balance tëschent der Haltbarkeet vun de Produiten, de Liwwerketten an dem Verzicht op Plastikverpakungen hinn ze kréien.

Lëtzebuerg, den 15. September 2023
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung